

Den 6. Juni ~~verj~~ä'rt et sech, wéi déi alliéert Truppen an der Normandie geland sin. 't Nooriicht hu't mech am Bunker Eisekaul erré'cht, wou' ech seit engen etlechen Wochen geliewt hun, nodeem ech schons seit Mént gejoot a verfollecht gin wor, Getrennt vun mengem Kendchen, daat ech eréscht eng Ké'er beim MENSTER Paul zou' Lalleng an der Wunneng gesin haat, getrennt vun menger lé'wer Fraa déi schons esou'munches iwer sech ergo'en lossen musst seit ech vum Erdbu'dem verschwannen hu missen. t'Gestapo-verhé'er hun sie weder möll ~~maxx~~ gemaacht nach un t'Schwetzen bru'cht. Sie hu'et mech net verroden, neen au contraire, sie hu't et nach verdech-bru'cht an der Resistenz virunzeschaffen an hiren Mann ze stellen. Merci Margret, Du wors wirklech eng daaper Fraa, eng grou'ss an actif Resistenzlerin. t'Nooriicht vun der Landung hu't bei eis fönfanzwanzech am Bunker Eisekaul wéi eng Bomm a'geschlo'en. Eng onbeschreiblech Fré'd. Dat muss éen erliewt hun, daat muss éen matgemacht hun!

t'Landung vun den Alliéerten Truppen wor fir eis Letzeburger déi schönste Nooriicht seit 1940, eng Nooriicht vun Hoffnung, vun Hoffnung a Baangen, eng Nooriicht déi fir eis d'Enn vun enger schwé'erer, Nou'tbatterer OEnnerdréckung u'gekönnecht hu't.

Det soll e Réckbléck gin op déi deischterst Etappe vun der Letzeburger Geschicht, déi déf Wonnen an t'Hierz vun eisem Vollek geschlo'en hu't, aanerseite ower och errënneren un déi Zeit 'wou' Letzeburger Vollek nömme mé eng grou'ss Familje wor aus dér die gi'el Schoof ausgeschloss woren.

Et soll ower och en Hinweis sin op t'Zukunft, dat et trotz allem guden Wöllen nach vilzevil onrohech Plaatzten op eiser Welt gin. Am Krich an nom Krich hu't nömme mé eng Parole gegollen: "Nie mé Krich!" Meng Generatiou'n hu't et net ferdech bru'cht. Du'rfir en éschten Appel un eis Kanner, un all Kanner op deser Welt: "Kuckt de Politiker op de Mond, klappt dénejenen op t'Faangeren déi de Friden net wöllen!" E Krich trefft déi kleng ~~kleng~~ Leit, déi onschöllech Leit emmer am schwé'ersten!" Sid Iech bewosst, gént de Wöllen vun de klengen Leit kann et wirklech kén Krich mé gin!" Durch e veré'nt Europa ass e Krich an Europa net mé meglech, d.h., wann déi aaner Seit an Eurapo g'rad esou' denkt 'wé mir.

Zwéiafzfé Mént laang hu't Letzeburger Vollek mat Courage an engem éinzechartegem Widderstandswöllen t'Naziherrschaft erdro'en. Verordnungen ailer Art, Déportatiou'nen, Verhaftungen, Ersché'ssungen, Erniedregungen, a.s.w., hun et net ferdech bru'cht de Widderstand géent den preiseschen OEnnerdrecker weder ze önnerbannen nach ze önnergru'wen. Mat Ongedold hun mir deemols allegu'r op t'Landung vun den Allié'erten geward. Wéi se dunn den 6. Juni 1944 an der Normandie gegleckt wor, hun eis Hierzer hé'er geschlo'en, t'Brefrei'ung vun dem Nazijoch konnt nun net mé lang op sech warden lossen. Bei aller Fré'd kou'men nei Surgen bei eis op. Wéi

gëw de Nazi op des gegléckten Landung hei am Land réagé'ren? Waat geschid mat mengem Kendchen, mat menger Fraa? Waat geschid mat mengen Komeroden an de KZter, waat geschid mat eisen Jungen déi mir der Wehrmacht net entreissen konnten? Der éschter Fré'd sin deischer Iwerlé'ungen gefol-lecht,

Mir woren zou' eiser 25 am Bunker Eisekaul, mat Karabiner, Handgranaten an Pisto'len bewaffend. Et wär durgaangen fir eis ze wiiren ower net fir irgend eppes aaneres. Den Bunker Hondsbösch zou' Niderkur wor mat 120 Mann besaat; déi zwén Bunkeren haaten keng Verbindung matenaaner. Waat onro'eg Gedanken!

Keng direkt Réaktiou'nen. ^{t'}Nazibonzen, Gielemännercher an all déi, déi den Hitler an Drött Reich verherrlecht haaten. . . hir Gesichter gou'én emmer mé' laang a mé' blöd, sie sin opeemool do getröpelt wéi bré'ech Hinger, wéi wann se den Hick am Kalzong hätten. Hun se dach nach hémlech op déi ömmererem u'gekönnecht Geheimwaffen gehofft?

A wéi nun déi allié'ert Truppen am Kessel vu Falaise déi preisesch Armée zersté'ert a nidegeschlo'en haat - iwerde "B.B.C." woren mir emmer beschtens informé'ert- dou' wosste mir, dat eis Frei'hét, eis Erlésung net me' allzeweit ewech wär.

A wéi mir dou' an de leschten Augustdech t'Kanou'nen am Westen hé'ren hun, a wéi t'Flieger vun der Royal Airforce a vun den Amerikaner ouni Enn iwert eis Hémecht geflun sin, dou' wosste mir, elo ass et geschwenn esou'weit.

Trotz guden Nooriichten, haaten déi méischt Leit Angscht an hun sech gro'ss Surgen gemaat well t'Nazi'en an all ^{hryen} Versammlungen a Kundgebungen emmer getént haaten, wann se eemoöl Letzeburg missten verlossen, bléiw nömme mé e Stéikou'p vun eisem Land iwrech.

Et hu't sech ower ergin, dat déi grou'ss Angscht vun elo un, op der ^{aaner}erer Seit wor. Déijenech déi wirklech geziddert hun a vun Angscht ver-gaangen sin, daat woren t'Nazi'en, t'Letzeburger Gielemännerchen an déi mat den zwéi Gesichter. Et ass ro'ech gin an de Strossen, se hun net mé' gesungen a gegrölt : "Die Fahnen hoch, die Reihen dicht geschlossen; S.A. marschieret oder fahret gegen Engeland" se hun net mé' gejaut: "Führer befiel wir folgen dir oder ^{für} Führer Volk und Vaterland!", den deitschen Gruss : "Heil Hitler" hu't én och net mé' hé'ren, néin, neischt mé' vun alldém. t'Hären vun der Kreisleitung, der Polizei, t'Gestapo, hun hir Kofferen gepackt, hun t'Miwelen an all der Dou't an der Deiwel an d'Auto'en t'Waggo'en gelu'den a sin Heim ins Reich verschwonnen.

Och déi Schöfflenger Nazigré'ssten, ^{t'}Nim sin eis haut nach emmer bekannt. leiter, hun um schnellste Wé' Schöfflenger verloss. Saak a Paak gung mat op t'Réis. Fir sie woor hir Devise "Heim ins Reich" batter Wou'riicht gin, wou'rfir a firwaat esou' schnell. Allem U'schein no, well 't gehéischt hu't d'Amerikaner wären zou' Remeleng an zou' Rodange eran an t'Land an se wären un Wé' fir no Esch, kurzöm, d'Amerikaner sin do!

An de Stroossen hun t'Leit sech zesammenfond. Déi eng hun hir Fēld durch Laachen a Begei'schterung gewi'sen, aanerer eröm hun einfach vu Freed gekrasch. t'Heemecht gou'w an de Stroossen gesongen an t'Rou'dweissbloo-fu'ndelen hungen opeemool un den Häiser. An villen Fönsteren stong t'Bild vun eiser le'wer Grand-Duchesse Charlotte, ganz oft een Bild mat der ganzer Groherzoglecher Familjen. An aaneren Häiser hun Kärzen an de Fensteren geliicht (also keeng Berliner Erfindung).

't Freed hu't keng Grenzen me' kannt 'wee dou' déi eescht Politesch Flüchtlingen an Refraktären aus hiren Stoppen kou'men.

Et gou'w u'gefaangen déi preisesch Schölter wéi z.B. déi vun der V.d.B, der H.J. a.s.w., kurzöm alles waat un den Okkupant errönnert hu't, erow-zerappen an ze vernichten. Och munchen Lezeburger Fu'ndel hu't missen erow wann et sech om zweifelhaften Letzeburger gehandelt hu't. -Et hu't een keen Preiss me' an de Stroossen gesin, sie haaten sech verfu'sst. Mäi mir haaten ze fre' gejubelt (2.September) a gefei'ert. 't Amerikaner

In do wor eng Zefre'meldung - keen Amerikaner zou' Remeleng, keen Amerikaner zou' Rodange. Op eemool wor t'Gestapo eröm do. Zou' Dideleng gou'w geschoss a verhaft. Vun iwerall gin operneis Verhaftungen gemeld. Zou' Kél fällt engem eng Pistou'l aus der Täscher just dee Moment 'we Gestapo laanscht rennt, seng Leich get laang nom Krich bei der Kirfech-mauer zou' Nennig erausgeholl. Munch daaperen Letzeburger hu't nach mat sengem Liewen bezu'len missen.

t'Jongen an déi Politesch Flüchtlingen mat villen aaneren hun eröm missen verschwannen fir sech dem Zou'gröff vun der Gestapo ze entzé'en. 't wor elo ganz schwé'er önnerdach ze kommen. Mé' wéi je' sou'tzen 'se elo an de Böscher, an de Galeri'en, an de Streekeep op de Gewaanen. An dach gou'w

an deser bé'ser Woch nach Letzeburger déi drei bis sechs Verfolchter an hi't Haus opgeholl hun. Dat des Männer a Jongen t'Waff an der Hand oder önnere dem Arm haaten hu't se net gesté'ert. Se woren allegu'r bereet hirt Lie'wen'sou deier wé meglech ze verkaafen oder ze verdédegen.

Aacht Deg laang hu't desen Zou'stand nach gedauert, aacht laang Deg an Angscht a Baangen; an dach gou'wen des aacht Deg eis och vill Satisfactiou Hun mir dach materliwéit 'wee déi preisesch Zalldooten, 'emool veréenzelt, 'mool zou' mé', um Reckzuch durch eis Urtschaften geschlach sin. Wooren daat déiselwecht Zalldooten, déi elo zerlompt, zerfatzt, raschtech a knaschtech, zerschlo'en, opgeriwwen a besiegt op dem Reeckmarsch an hirt Vaterland, déi den lo. Mai 1940 mat Museek a Gesaank eis Heemecht iwwerfall haaten, déi t'ganz Welt an de Misär, an t'Leed, an t'Ongleek geworf haaten? Haaten sie sech zou' Dou'd gesiegt? Waat fir Gedaanken sollen desen Moment an hiren Käpp rongedreent hun? Ech könnt mir 'sougur virstellen, dat 'soumunchéen vun hinnen frou' wor, dat den OEnnergaank vun den Nazibonzen 'lo mé' no wor 'wee jemools zevir.

Den lo. September wooren mir dou' endgülttech frei', liberé'ert vum Nazijoch. Mir wooren glecklech a frou'. Zesammen mat eis hun t'Amerikaner

eis Libératiou'n gefei'ert. Wéi konnten sie eis gud versto'en;
All des Freed woor ower nett komplett, et hun der nach villzevill
aus eisen Rei'en gefé'lt. Eis Gedaanken wooren bei deenen, déi nach
an de KZter gelidden hun, bei eisen OEmgesiedelten, bei eisen Jongen
déi nach an der gehaaster Wehrmacht hu missen dengen, irgendwou' un
der Front. t'Frönn an Allié'ert virun sech, de gahaastenen Feind
nierwend sech am Grou'w, an dem Reeck. Waat fir banaal Situatiou'n
fir des jong Mönschen.

Fir eis, déi mir dooheem wooren, woor eist Gebied :"

O Mamm léw Mamm do u'wen,

mir wären gären lass de Preiss "

wor erhé'ert an an Erföllung gaangen, mir woren de Preisen, den Nazi'en
an dem ganzen Knascht a Kroom lass, ower naach hun mir allegu'r mat
de Fraa'en an Kanner, mat de Mammen, vun all eisen Komeroden an Frönn
déi nach gefé'lt hun, Baangen, hoffen an bi'eden missen:

"O ^{Mamm} le'w Mamm do u'wen

mir bi'eden zou' Dir, erhiewen zou' Dir eise Bleeck

o Mamm le'w Mamm do u'wen

bring sie all näs heem no Letzeburg zereeck."

Ve'erandressech Jo'r mé' spe't fro'en ech mech haut nach emmer,
'wé wär et deemools wirklech zou'gaangen bei der Libératiou'n, hätten
mir deemols net mé' fir eis Komeroden an Frönn an de KZter, an der
Deportatiou'n, an der OEm siedlung, an der Wehrmacht, baangen missen,
oder, waat wär aus menger Familjen gin, wann een vun eis dee Moment
hät missen Neetzen, wee t' Gestapo an den Heeknapp bei der Familjen
Musquar zou' Steebrecken gestaach hu't, wou' mir drönnner luchen?

Jung Kueer